# Trommelspaass

## „Joy Caravan", e generatiounsiwwergräifenden Djembé-Atelier - Grousse Concert zu Maarnech

**ËLWEN**
SIMONE MOLITOR

Dass trommelen esou vill Spaass géif maachen, hätte se zu Ëlwen sécher net geduecht. Wéi een op dëse Fotoen onschwéier erkenne kann, war dat awer duerchaus de Fall, an zwar generatiounsiwwergräifend.

Nom grousse Erfolleg vum Projet „Joy", war fir d'Stëftung EME séier kloer, dass et eng Weiderféierung géif ginn, dës Kéier ënner dem Numm „Joy Caravan". D'Iddi dohannert ass eben en intergenerationellen Djembé-Atelier, a verschiddene Géigende vu Lëtzebuerg ze organiséieren.

### Aktuell Statioun ass Ëlwen - Ofschlossconcert zu Maarnech

Déi aktuell Statioun ass Ëlwen. D'Kanner kommen aus dem Internat Ste Elisabeth an d'Seniore wunnen an der Servior-Résidence „Liewensbam". Säit Oktober gesi si sech regelméisseg a prouwen ënner der Leedung vum Perkussionist Robert Bodja. Dee weess genau, wéi en eppes u seng Schützlinge bréngt. Hien huet genau dat richtegt Gespier fir Mënsch a Musik a vermëttelt sou d'Grondtechnike vum Djembé-Spillen, übt Rhythmus a Gesang mat hinnen, a fuerdert dobäi natierlech hir voll Konzentratioun an hire kompletten Asaz.

De Fonken ass natierlech direkt iwwergesprongen: Eenzegaarteg Momenter entstinn dobäi. Déi, déi zesumme Musik maachen, verschmëlze mateneen, de groussen Altersënnerscheed spillt op eng Kéier keng Roll méi. Si trommelen, wéi wann et soss näischt méi op der Welt géif ginn. All Suerge si vergiess a si erliewen all Kéiers eng immens Freed dobäi.

Héichpunkt vum Djembé-Atelier wäert e Concert sinn. En Donneschden, den 12. Dezember um 18.00 weisen si am Cube 521 zu Marnech, wat se geléiert hunn. A virun allem, wat se drop hunn!

**Reservatiounen um Telefon 521 521. Weider Informatioune fënnt een ënner www.fonation-eme.lu**



De Robert Bodja huet genau dat richtegt Gespier fir déi kleng a grouss Schüler





Mat Begeeschterung ass jidderee voll bei der Saach

Fotos: Servior

**BATHMANN S.A.**
Société Anonyme

Siège Social: 3, Avenue Pasteur,
L-2311 Luxembourg
R.C.S. Luxembourg B 112.154

Le Conseil d'Administration a l'honneur de convoquer Messieurs les actionnaires par le présent avis, à l'Assemblée Générale Ordinaire, qui aura lieu le 4 décembre 2013 à 14.00 heures au siège social, avec l'ordre du jour suivant:

Ordre du jour

1. Approbation des rapports du Conseil d'Administration et du Commissaire aux Comptes.
2. Approbation du bilan et du compte de profits et pertes au 31 mars 2013, et affectation du résultat.
3. Décharge à donner aux Administrateurs et au Commissaire aux Comptes pour l'exercice de leur mandat au 31 mars 2013.
4. Décision de la continuation de la société en relation avec l'article 100 de la législation des sociétés.
5. Divers.

Le Conseil d'Administration
*138100*

# Lauter Pechvullen

## Comedy mam Trio Tri-2-Pattes

**IECHTERNACH** A wann ee sech och nach sou dru gëtt, et wëll einfach net ëmmer alles riicht goen am Liewen. Natierlech geet et bei engem méi oft schif wéi bei deem aneren. Pechvulle begéint ee schliisslech iwwerall. Mä eigentlech kann et jiddereen am Alldag treffen. Bestëmmt kéint och Dir ee Liddchen sange vun der enger oder anerer peinlecher Situatioun, wou Dir Iech am léifsten ënner den Äerdbuedem verkroch hätt. Selwer driwwer laachen kann ee meeschtens réischt vill méi spéit, wann iwwerhaapt.

### „Une vie de merde": en ofwiesslungsräiche Mix

Abee,den Trio Tri-2-Pattes invitéiert Iech op eng kabarettistesch biographesch Retrospektiv mat skurrile Situatiounen, aus deene mir alleguer eppes kënne léieren, an zwar: Kommt mir huelen eis dach mol net sou eescht. An dem Sënn ass „Une vie de merde - vu Pechvullen an anere komesche Kauzen" een ofwiesslungsräiche Mix aus flotter Musek an lëschtege Sketcher aus der eegener Fieder ... an dat Ganzt och nach fir ee gudden Zweck. De Bënëfiss geet nämlech integral un d'Associatioun EBS - Écoles de Brousseau Sénégal, Lëtzebuerg.

Gespillt gëtt e Sonndeg, den 1. Dezember um 17.00 am Spigelsall vun der Abtei zu Iechternach. E gëtt recommandéiert, ze reservéieren: Tel. 691 22 66 10 (no 18.00) oder ebs.luxembourg@gmail.com.

LJ

# De Johan de Meij um 100,7

## Am Kader vu ‚Museker am Gespréich'

**LËTZEBUERG** En Donneschdeg, den 28. November um 9.05 an um 19.30 bréngt de radio 100,7 am Kader vun der Sendung „Museker am Gespréich" en Interview mam Johan de Meij. Hie gehéiert zu de weltwäit meescht gespillte Komponiste vun eiser Epoch.

„The Lord of the Rings" gouf bekannt duerch déi dräi Kinosfilmer vun de Fantasie-Romaner vum J.R.R. Tolkien. An den 1980er Joren huet de bekannte Komponist Johan de Meij eng grouss sinfonesch Dichtung fir sinfonesche Blosorchester a fënnef Sätz komponéiert: Symphony Nr.1. The Lord of the Rings. Et ass dëst eng kolossal Sinfonie, déi hie spéider fir grousse Sinfonieorchester ëmarrangéiert huet an déi vum London Symphony enregistréiert gouf.

### Am Oktober war de Komponist Gaascht am Conservatoire

De 25. Oktober 2013 war de Johan de Meij zu Lëtzebuerg an huet déi Lëtzebuerger Militärmusek am Stater Conservatoire dirigéiert.

De radio 100,7 ass dem Komponist bei där Geleeënheet begéint.

RADIO 100,7